


# ESCHER GEMENGEROT



45 Joer FC Commune - Esch



Séance du Conseil communal du  
vendredi 6 mai 2011



Amicale du  
Centre Nossbierg

Samschdeg, den 9 Juli 2011

Samedi, le 9 juillet 2011

de 7h00 à 20h00

26e Marche Populaire de la Solidarité

# GROUSST SUMMERFEST um ESCHER NOSSBIERG

## PROGRAMME

- |               |                                       |
|---------------|---------------------------------------|
| 07h00 à 13h00 | 26e Marche Populaire de la Solidarité |
| 11h00 à 13h00 | Big Music Band                        |
| 14h30 à 15h00 | “POWER SHOW” Georges Christen         |
| 15h30 à 16h30 | “Die Combo”                           |
| 17h00 à 18h00 | Trommeler vun der A.P.E.M.H.          |
| 18h30 à 19h30 | “Die Combo”                           |

- GRANDE TOMBOLA
- JEUX D'ENFANTS

FIR IESSEN AN  
DRËNKEN ASS  
GESUERGT



40 ans

A.P.E.M.H.  
[www.apemh.lu](http://www.apemh.lu)



# Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 06. Mee 2011

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

**Conseillers absents:**

M. Paul Weidig

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Attribution du titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen, femme de lettres bangladaise; décision	4
5. Site Belval: conclusions du jury sur le futur aménagement du „Square Mile“; information	8
6. Conventions entre la Ville et les moniteurs de la LASEP, du Youth-Sports – Cool-Sports et du „Fit 60+“; décision	10
7. Convention concernant le projet-pilote d'école à journée continue 2010-2012; décision	10
8. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	12
9. Cartographie des zones inondables et des risques d'inondation; avis	12
10. Contrat de cession de matériel électrique et d'outillages avec Sudstroum; décision	13
11. Crédit spécial; décision	14
12. Contrat de prestations et de services pour l'entretien périodique des installations de chauffage du quartier Henri Dunant avec Cofely Services S.A.; décision	14
13. Subsides extraordinaires; décision	15
14. Transactions immobilières; décision	16
15. Commissions consultatives; décision	16
16. Contrats de bail; décision	16
17. Règlements de la circulation routière: confirmation et décision	16
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 6 mai 2011	18

### 2. Information au public des décisions de personnel

#### Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Déi Décisiounen déi mer geholl hunn am Zesummenhang mat de Questions du personnel déi am Huis clos mussen traitéiert ginn, gi wéi all Kéiers un d'Press. Et läit eis awer vläicht um Häerz fir hei d'Informationen ze ginn, dass den Här Limpach Secrétaire communal adjoint à l'unanimité genannt ginn ass. Dat ass vläicht een Element wat ee kéint eraussträichen. Mir hate bis elo nom Départ vum Här Biwer kee Secrétaire communal adjoint, esou dass dat dote fir eis awer och e wichteg Element ass, wat mer och an däi Form gäre géingen der Press matdeelen.

#### A) Démission.

*Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er août 2011, à Monsieur Frank Jost, inspecteur principal, chef de service du service des citoyens.*

#### B) Nomination.

*Attribution du titre de secrétaire adjoint à Monsieur Marc Limpach, inspecteur principal (grade 12) depuis le 1.4.2004, affecté au secrétariat communal.*

#### C) Nomination définitive.

*Carrière de l'ingénieur technicien.*

*Nomination définitive de Monsieur Olivier Cloos aux fonctions d'ingénieur technicien avec effet au 1er novembre 2010.*

#### D) Questions de personnel (agents engagés sous le régime du salarié).

1) *Engagement avec effet au 15 juin 2011 et moyennant un contrat de travail à durée indéterminée de Madame Dora Das Neves Fernandes Antonio comme éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

2) *Engagement avec effet au 15 mai 2011 et moyennant un contrat de travail à durée indéterminée de Monsieur David Dos Santos Simoes comme éducateur diplômé auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

### 3. Correspondance

Mir hunn elo kee spezifische Punkt dee virgesinn ass énner Korrespondenz, esou dass mer direkt zu eisem éische Punkt kommen.

#### 4. Attribution du titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen, femme de lettres bangladaise; décision

Dat ass d'Attributionen vum Titel vun der Citoyenne d'honneur vun der Stad Esch un d'Madame Taslima Nasreen. Dat huet net ganz geklappt fir dat am Virfeld vum Akt ze maachen. Dofir entschëllege mer eis och, mä dat young leider net anescht. Ech mengen awer, dass et elo keen Akt ass deen hei wäert op Ofleening treffen, well mir hate bei alle Gespréicher déi mer gefouert hunn, bei alle Consultatiounen déi mer gemaach hunn, an alle Gemengekomissionen wou dee Sujet am Virfeld traitéiert ginn ass, d'Uhanimitéit fir dat esou ze maachen. Ech wëll och iert ech e puer Wieder iwwert d'Madame Nasreen soen, betounen, dass eise Service culture et relations protocolaires eng Viraarbecht geleescht huet fir à l'avenir Critères auszeschaffen no deene mir kucke weem ee kann énnert wéi enge Konditiounen den Titel vun engem Citoyen oder enger Citoyenne d'honneur attribuéieren. Mir sinn zimlech knéckeg domatter fir deen Titel ze attribuéieren. Ech wëll lech just rappeléieren, dass à ce stade just den Här Michael Bondi Träger vun deem doten Titel ass. Leider huet säi Gesondheetszoustand et net erlaabt fir bei der Zeremonie ronderém d'Madame Nasreen dobäi ze sinn. Mä mir géinge proposéieren, dass mer e Groupe de travail assetzen dee sech d'Propositioone vun eiser Kulturkommission ukuckt an dann op Basis vun dëse Kommissionen dat mat an de Gemengerot bréngt, fir dass mer fir d'zukënftig Attributionen Critère festgeluegt hunn an dann och kënnne vläicht gemeinsam iwwerleeé wéi eng Perséinlechkeet, déi entweder grouss Mérité fir d'Stad Esch oder grouss Mériten huet déi interessant a wichteg fir d'Stad Esch sinn, dass mer vläicht zesummen iwwerleeé wéi eng Persounen nach kéinten esou en Titel droen. A selbstverständliche wäerte mer op de Wee goe fir all politesch Sensibilitéit an deem Groupe vertrueden ze hunn. Dat ass eng Proposition déi mer lech maachen, mä selbstverständlich gëtt nach all Sensibilitéit ugeschriwwen.

Elo awer zu der Madame Nasreen selwer an och de Kontext deen eis et erlaabt huet fir dës Invitatiorun auszesprechen. Dir wësst, dass mer viru kuerzem de Printemps des poètes hei zu Esch haten. Dat huet eis eng ganz grouss Freed gemaach. Do hate mer wierklich ganz vill, ganz interessant Perséinlechkeeten hei zu Esch. D'Madame Nasreen war schonn eng Kéier am Kader vum Printemps des poètes bei eis. Dës Manifestatioun huet och e grenziwwerschreidende Charakter, wat et och vläicht erklärt, dass souwuel eis Commission des affaires culturelles wéi och eis Commission à l'intégration, déi sech oft mam Problem vun der grenziwwerschreidender Zesummaarbecht an och vun den Nationalitéit beschäftegt, eng wesentlech Kontributioun gelesen huet, dass dat konnt zustane kommen. Tatsächlech ass d'Madame Nasreen den 2. Mee ukomm zu Esch a si huet direkt den 3. Mee, also virun der eigentlecher Zeremonie, ém déi 500 Schülerinnen a Schüler vun deenen zwee Escher Lycées classiques empfaangen an déi déi dobäi waren, hunn unanime gesot, dass dat e memorabelen Evenement war. Ech wéilt dofir den Direktore vun deenen zwee Lycéeën, wou mir jo och d'Chance hunn ee vun hinnen hei bei eis am Gemengerot ze hunn, e grousse Merci soen, dass si dat mat erméiglecht hunn, dass dat konnt zustane kommen. An och Schülerinnen a Schüler hunn eis gesot, dass et ganz vill hinne bedeit huet fir do hunn dierfen dobäi ze sinn.

Den 3. Mee war dann déi offiziell Receptioun wou mer da mat Ärem Accord haut, dee mer anticipéiert hunn, déi Attributioun vun der Citoyenne d'honneur gemaach hunn. De selwechten Owend war d'Madame Nasreen invitieré am Escher Theater am Kader vun der Manifestatioun Manta. Dat war e Solo-Stéck an et huet gedréit ronderém de Port vum Voile islamique. Dat war selbstverständlich en Thema mat deem sech d'Madame Nasreen an hirer Vergaangenheet schonn oft auseinaner gesat huet. Si huet scho vill Artikelen dorriwwer geschriwwen an deen Thema och an hire Bicher traitéiert. 2006 huet si en Artikel geschriwwen, dass si der Meenung ass, dass de Voile intégral net soll toleréiert ginn, egal a wéi engem Land, well domat déi Fraen geout ginn an am Public eng onméiglech Situations hunn an och sech net kennen esou artikuléiere wéi si sech dat virstellt fir d'Basisrechter vun der Fra an dat sinn och déi Attituden déi mir hei hunn.

#### **4. Attribution du titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen,**

Si ass à l'origine eng Doktesch, d'Madame Taslima Nasreen. Si ass eng Gynekologin. Si ass 1962 gebuer an ass originaire vum Bangladesch. Si ka scho 17 joer laang net méi an de Bangladesch areesen. Si huet wéi si et selwer gesot huet, keng eigentlech Heemecht am Moment. Si reest vu Land zu Land. Si huet e puer Joer an Amerika gelieft. Am Moment ass si an Indien. Vu 24 Joer u schreift si. Si huet am Alter vu 24 Joer hiert éischt Buch mat Poesie veröffentlich an all hir Bicher bis elo dréien émmer ronderém d'Énnerdréckung vun der Fra, d'Meenungsfräheit fir déi si antrött, d'Problemer vun de Minoritéiten a wéi si énnerdréckt ginn. D'Violence en générale, den Islamismus, hir resolut Attitude dass all Extremismen och am Beräich vum Islam eng Gesellschaft futti maachen. Mir ware ganz beandrockt vun eisen Diskussioune mat der Madame Nasreen. Den Här Tonnar huet a sengem Discours geschwatt vun Humilitéit, e Gefill dat ee begleet permanent wann ee mat der Fra sech énnerhält. Et ass och ganz richteg gesot gi bei den Discoursen, dass mir ganz oft wéineg Beträffenheet hunn iwwert déi dote Sujeten, well mer hei zwar wuel domatter befaasst sinn, awer némmen am Rand vun eisen Diskussiounen. An obwuel mir ganz kamoud zum Deel an déi Länner an d'Vakanz reesen, beschäftege mer eis net mat der Situation politique déi so ass an déi zum Deel dramatesch Reperkussiounen op d'Mënschen huet déi an deene Länner wunnen, an am besonneschen d'Fraen.

Wat vläicht nach interessant ze soen ass, niewent deenen doten Explikatiounen, dat ass dass d'Madame Taslima Nasreen haut schonn den Éierebiergertitel vun der Stad Paräis dréit an dass si, nodeem si hei bei eis zu Esch war, do welle mer also nach eng Kéier elo de Contexte transfrontalier ervisträichen, weidergaangen ass op Metz wou si de 5. Mee och do offiziell nominéiert ginn ass zur Citoyenne d'honneur vun der Stad Metz. Eng Prozedur déi och bei hinnen en cours de validation ass a si ass duerno weidergaangen de 6. Mee op Thionville. Béid Stied si Partnerstied vun eis am Kontext vum Lela+. Mir hu schonn zénter joeren eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat hinne wou si och deen nämlechten Titel attribuéiert kritt an och bei verschiddene Recontren dobäi ass, esou wéi dat och zu Esch, zu Metz an zu Thionville de Fall war.

Ech mengen déi déi sech interesséiert hu fir déi Biographie vun der Madame an hirem Engagement – et ass am Optrett eng ganz bescheide Persoun – déi mengen ech, hunn och e Wéssensstand deen iwwert dat erausgeet wat ech am Fong just elo am Numm vum Schäfferot als Rappel hei wollt maachen. Ech wier dofir frou wa mer kéinten à l'unanimité déi Prozedur déi mir entaméiert hunn an Ärem Numm, wa mer déi kéinte validéieren am Gemengerot an ech géing lech dofir elo schonn am Virfeld Merci soon.

Den Här Huss hat sech elo als éischte gemellt, den Här Jaeling den Här Maroldt, den Här Codello. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG):** Merci, Madame Buergermeeschtesch. Dir hutt jo schonn eng ganz Rei vun Donnéeën, geographesch Donnéeën a politesche Donnéeën am Fong iwwert d'Wierk vun der Madame Nasreen hei uginn. Dir hutt och eng Rei Leit Merci gesot. Ech wéilt mat dem Merci vläicht ufänken. Ech wéilt virun allem och dem Direkter vun der Kulturfabrik, dem Här Serge Basso Merci soe well hien déi Kontakter ageleet hat. An och mengem Kolleg Dan Codello, President vun der Kulturkommissioun, dee sech do ganz staark engagéiert och hat. Et ass kloer, dass mir als Gréng Fraktioun déi Éierebiergerschaft hei total kennen énnerstëtzen, well déi Madame wierklech dee Präis verdéngt huet.

Dir hutt vergiess ze soe beispillsweis datt se an islamistesche Kreeser an deene Länner scho vu sougenannte Priedeger, islamistesche Priedeger 5 Fatwae schonn iwwert se ausgeschwatt gi sinn, wann ee weess wat dat heescht. Dat sinn esou ähnlech Saache wéi dat geschitt ass mam Salman Rushdie engersäits an anersäits mat deem dänesche Karikaturist. Si ass an där selwechter Situations a muss émmer fäerten ém hiert Liewen, muss bewaacht ginn an esou virun. Dat heescht et ass eng Fra déi an engem Land wéi Bangladesch, an engem islamesche Land géint d'Énnerdréckung duerch déi islamistesche Fundamentaliste kämpft an ech fannen émmer wann ee sech esou assetzt wéi si et mécht op deem Niveau wou si et mécht, mat där Intelligenz a mat där Toleranz wéi si et mécht, dann ass ee wierklech schonn eng Perséinlechkeet déi verdéngt och hei zu Esch d'Éierebiergerschaft ze kréien.

Ech hat och d'Geleeënheet bei deem Spektakel am Escher Theater wou déi Fro vun der totaler Verschleierung vun de Fraen, der Obligatioun vun der totaler Verschleierung

vun de Fraen a muenchen islamesche Länner den Thema war, d'Theaterstéck „Manta“, wat exzellent war an duerno och déi Debatt di duerno statifont huet. Ech hat also och d'Geleeënheet duerno an nach mat der Madame perséinlech Kontakt opzehuelen a mat hir ze schwätzen. Et ass eng Fra déi op eng remarquabel Aart a Weis eng tolerant Form vu Laizismus vertrëtt. Dat heescht vu friddlechem Zesummeliewe vu Leit déi reliéis sinn a Leit déi eben net reliéis sinn an déi awer ganz kloer sech ausgeschwatt huet géint all Form vun Intoleranz an ebe fir eng pluralistesch a friddlech Gesellschaft. Ech mengen dat kénnt och aus hire Bicher déi si geschriwwen huet, kommen déi Saachen allegueren evir an ech kann némmen hei wäermstens empfieLEN hei datt mer geschlossen unanime där Éierebiergerschaft hei zoustemmen. Ech menge si spilt eng eminent wichteg Roll och an der Verdeedegung vun de Rechter vun der Fra an ech mengen Dir wësst alleguerete wéi schwéier datt dat a muenchen islamesche Länner ass an et ass fir eis duerfir ganz kloer, datt mer dat énnerstëtzen an et ass eng formidabel Initiativ déi och vun der Kulturkommissioun do énnerholl ginn ass. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Huss. Mir kéimen dann zum Här Jaeling an duerno zu den Häre Maroldt a Codello.

**Aly Jaeling (Indépendant):** Merci, Madame Buergermeeschter. Elo wäert ech erém alt erém e bëssen den Hond am Keelespill sinn. Ech wéll einfach mol virop soe wat d'Prozedur ubelaangt, dass et mer net gefält, dass mer verschiddentlech émmer hei virun e Fait accompli gestalt ginn, an dass mer keng aner Wiel gelooss kréie fir iergendeppe ze stëmmen wat scho passéiert ass.

Wat ech awer an där ganzer Diskussioune mat der Éierebiergerschaft vun Esch wéll erabréngen, dat ass déi direkt Relatioun mat Esch. Ech fannen, dass eng Bierschaft vun Esch, dat soll eng direkt Relatioun mat Esch hu wéi zum Beispill den Här Weirich, den Här Metz oder och den Här Bondi deen den éischten amerikaneschen Zaldot war deen op Esch komm ass. Dat sinn direkt Relatiounen mat Esch. Déi eenzeg Relatioun mat Esch déi ech gesi bei där Fra do, dat ass dass se vu Bangladesch kénnt. Wann dat d'Ursaach ass, da verstinn ech dat. Mä op jidde Fall sinn ech einfach der Meenung, dass eng Éierebiergerschaft vun Esch, dass déi soll eng direkt

#### **4. Attribution du titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen,**

Relatioun mat Esch hunn. Ech mengen all Respekt fir deen Asaz fir d'Mënscherechter vun där Madame do. Mä wa mer dat als Critère huelen, ech mengen dann hu mer awer geschwënn honnerten Éierebierger well do ginn et esou vill Leit déi sech fir d'Mënscherechter asetzen, dass mer dann net méi fäerdeg ginn an ech wär frô wa mer géifen d'Critères am Fong doropper baséieren, dass eng direkt Relatioun mat Esch muss sinn. Da kënnt een domat d'accord sinn, mä hei an désem Fall gesinn ech keng direkt Relatioun mat Esch an dofir wäert ech mech dann och bei deem Vote enthalten.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Jaerling. Et wier dann un den Häre Maroldt an duerno Codello a Knaff a Baum.

**Frunnes Maroldt (CSV):** Merci, Madame Buergermeeschter. Also ech mengen iwwert d'Prozedur do kann een émmer an oft schwätzen. Ech fannen och, well ech selwer do war, dass déi Madame Nasreen, huet mir net d'Impression gi wéi wa si an hiren eegenen Interêt oder mat Intérêt personnel dowéinst heihinner komm wier. Ech mengen déi Fra huet villes erlief, Schlëmmes erlief, an et ass am Fong geholl och schonn, wann een deen Terme missionaresch ka gebrauchen, dat heeschti si kënnt mat enger Missioun heihinner a besonnesch wa si mat Jugendlecher zu deenen doten Theme schwätz an diskutéiert, dat fannen ech ganz wichteg an interessant.

De Sujet dofir war gutt gewielt, dofir kann een och némme dem Direkter vum Theater, den Här Müller, an och vun der Kufa, de Serge Basso, déi kann een némme félicitéieren, well wann een d'Schülerreaktioun gesinn huet, fir déi Leit déi do waren, déi kënnten dat bestätegen, do hätt ee kënnten e Blat héiere fale wéi déi Madame geschwat huet. Also dat ass extrem gutt bei deene Jugendlechen, ass dat ukomm.

Da fannen ech och, wa mer elo iwwert dee Volet personnel vun der Madame Nasreen erausginn, fannen ech einfach, dass dat och dee Wee ass, de President vun der Kulturkommissioune, dee wäert dat och bestätegen, dass dat am Fong geholl dee Wee ass dee mer solle goen, och fir eisen Theater an eis Kulturinstitutionen opzemaache fir Jugendlecher fir se esou op deen dote Wee eran an eis Kulturtempel – well dat ass jo deen Terme deen alt heiansdo gebraucht gëtt, dass dat e Kulturtempel ass – ech mengen dat soll eng Place d'échange si wou Kultur un eis Schüler

erubruecht gëtt a wou se och dovunner kënne profitéieren. A wéi gesot wat mir och virun allem gefall huet, dat ass einfach déi Kollaboratioun tëschent Escher Theater a Kufa well do ass menger Meenung no och nach du pain sur la planche wou mer kënnten nach émmer dorunner schaffen an dat weider ausbauen.

Dat gesot, fannen ech, ob elo déi Madame eng enger oder näher Beziehung huet zu der Stad Esch, ech mengen eng Stad Esch déi huet och eng Virstellung vu sech selwer, en Image dee se vu sech selwer huet oder wëll se och dobaussen duerstellen an ech menge wa mir eis ralliéieren mat engem Kampf oder solle mer soen enger Lutte oder enger Démarche, deet dat eis och als Stad Esch némme gutt. Dat gesot, kann ech némme déi heiten Initiativ énnerstëtzzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Maroldt. Mir këimen dann zum Här Codello.

**Daniel Codello (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech wierklech ganz kuerz faassen, well vill richteg a wichteg Saache si gesot ginn. Ech wëll net erëm eng Kéier ufänken opzezielen u ween all déi Merci solle goen. Dëst ass e Projet gewiescht dee mer an der Kulturkommissioune diskutéiert hunn. Op Grond vun den Erfahrungen déi mer mat deem traditionelle Bicherdag gemaach hunn, dee mer esou un engem Samschden organiséiert hunn a wou émmer némme eng Handvoll vu Leit komm sinn an dat war émmer némme dee selwechte Grupp. An do hu mer eis ee Moment geduecht, solle mer net dem Schäfferot en neit Konzept virstellen, dass mer punktuell Schriftsteller invitéeieren an dunn ass, an den Här Maroldt huet et scho gesot, do ass en nei Dynamismus an de Relatiounen geschitt, tëschent de Kultur – ech nennen et net Tempelen, also losse mer mol soen Instituter – an och tëschent de Lycéeën a virun allem och an der Programmkommissioune. Wéi den Theaterdirekter dat Stéck „Manta“ virgestall huet, do ass d'Diskussioun opkomm duerch d'Membere vun der Kulturkommissioune, op een net kënnt ufänken op Basis vun engem Stéck wat programméiert ass, do ronderëm Diskussiounen an Débaten ze organiséieren. An do koum ganz schnell am Kader vun deem heite Stéck eben, koum dann d'Idee vum Serge Basso d'Taslima Nasreen ze invitierié well si sech schonn zénter Joere kennen an dat och op deem Niveau dann

och méi einfach mécht esou eng Persoun op Esch ze kréien. Dat huet do en Dynamismus entwéckelt, dee ganze Projet, deen dann och dann de grenzwierschreidende Charakter mat abezunn huet. D'Madame Buergermeeschter ass drop agaangen, gëschter Metz, haut Thionville, ech mengen dat sinn och Projete wou mer net émmer némme kënne vu Lela+ schwätzen, mä och mol eng Kéier konkret Projeten ugoen. An dat ass och ee vun deenen éischten hei gewiescht.

An deem Kader do an an deem Kontext ass dann och op eemol d'Fro opkomm, ob net esou eng Schriftstellerin, esou eng engagéiert Schriftstellerin, net soll awer iergendwéi och eng Distinctioun kréien. Eng Stad huet net vill Distinctiounen ze verginn. Mir hu kee Literaturpräis vun der Stad Esch, zum Beispill. Mir hunn zwar de Mérite culturel – et war zwar dëst Joer net um Mérite culturel – an de Mérite culturel dee baséiert sech a begrenzt sech a sengem Reglement op Leit déi vun Esch sinn oder vun Esch originaire waren. Dann huet eng Stad eng Distinctioun ze verginn an dat ass eben d'Éierebierschaft. D'Madame Buergermeeschter huet zu Recht gesot, eng Stad soll och knéckeg mat deem Titel émgoen. Et soll een net mar einfach dat elo bradéieren. Ech denken awer, dass eng Schriftstellerin wéi Taslima Nasreen, dat menger Meenung no déi dräi Deeg wou ech elo a Kontakt mat hir war an och an deenen offiziellen Aussoen, hei awer sécherlech méi konkret Chancégläichheetspolitik gemaach huet wéi mir Politiker jee kënnten op décken Dokumenter nidderschreiwen. Mat hiren Aussoen an och hir Temoignagen déi se hei gemaach huet, ass si ee vun deene liewege Beweiser, datt et och fir e Politiker émmer nach Sujete gëtt fir déi et sech derwäert ass anzeseten an dat ass Chancégläichheet, dat ass Mënscherechter an et ass virun allem de Schutz vu Minoritéiten.

A wann déi dräi grouss Sujeten net an enger direkter Relatioun mat der Stad Esch stinn, Här Jaerling dann hutt Dir näischt verstanen. Dann hutt Dir näischt verstanen. D'Stad Esch ass eng oppe Stad mat iwwer 50% net-Lëtzebuerger Bevëlkering. A wann déi Escher Politiker et net fäerdeg bréngen esou eng Madame, déi énnert ganz schwierege Konditiounen während Joere sech fir déi doten Ziler asetzt, a wa mir als Escher Gemengerot et net fir würdeg fannen eis och dofir anzeseten, da fannen ech dat doten traureg a minabel. Déi Madame ass de liewege Beweis dofir, et ginn nach aner

#### **4. Attribution du titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen,**

Leit déi och sech dofir asetzen, dat ass gutt, mä déi hate mer nach net hei an Esch. Mä mir wäerten awer, an dat soen ech lech direkt, an der nächster Zäit och déi dote Kollaboratioun weiderfieieren. Net méi spéit wéi haut de Mëtten um 16.00 Auer hunn d'Direktore vun de Schoule sech erém ugembelt mam Theaterdirekter fir eng Entrevue wat mer awer als zukënftig Projete kenne maachen. Ech wëll net soen dass elo all Schréftsteller deen heihinner kënnnt Éierebierger gëtt, mä hei an deem heite spezielle Fall mengen ech, dass mer do hätte kéinten, wéi mer et gemaach hunn, den Tirang op maachen an deen doten Titel décernéieren. Ech sinn därselwechter Meenung dass mer ganz streng Critèrë sollen opstellen an dass mer deen doten Titel net solle bradéieren a knéckeg solle sinn. Mä wann et an deem heite Fall net derwäert war, also dat muss ee mer awer mat aneren a besseren Argumenter erkläre wéi déi déi hei geschitt sinn. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Codello. Et wier dann elo um Här Knaff.

**Pierre-Marc Knaff (DP):** Madame Buergermeeschter, ech wollt lech matdeelen d'Énnerstëtzung vun der DP fir dee Choix deen Dir gemaach hutt, d'Madame hei Éierebierger ze maache vun der Stad Esch. Et ass e Symbol, et ass e Symbol vun der Lutte géint d'Fanatismes, vun der Lutte géint d'Oppressioun, vun der Lutte fir d'Fräiheit vun der Fra, och a méi wäite Länner wou dat nach net esou evident elo ass wéi hei. An déi Lutte déi gemaach gëtt, net duerch grouss Militäriaktiounen oder duerch grouss aner Aktiounen, mä duerch Wieder, duerch Poesie, duerch Bicher, duerch Iwwerleeungen, duerch Intelligenz, dat schonn eleng justifiéiert Äre Choix. Dee Choix ass awer nach méi justifiéiert wann ee kuckt datt et e Projet transfrontalier ass wou Servicë vu verschidene Stied also dru geschafft hunn, déi sech jo och do Gedanke gemaach hunn, datt dat eng gutt Saach ass fir hir respektiv Gemengen an datt et surtout och eng Reconnaissance ass fir d'Lutte vun der Madame Nasreen am Kader vun hirem dagdeegleche Liewen.

Ech sinn der Meenung, datt déi Madame certainement a sans aucun doute possible déi Éier déi mer hir haut maachen an déi déi Dir hir scho gemaach hutt, méritiéiert an ech géif lech félicitiéiere fir dee Choix deen Dir do gemaach hutt.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Knaff. Dee leschten agedroene Riedner ass den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Wann eng Stad wéi Esch den Titel vum Éierebierger vergëtt, dann ass dat mengen ech an éischter Linn en Zeeche wat gesat gëtt, e Symbol wéi den Här Knaff dat virdrun och richteg gesot huet, an ech mengen datt ee sech soll ukucke woufir dann d'Madame Nasreen genau steet. An et sinn, wéi den Här Codello et virdru gesot huet, virun allem dräi Elementer. Et ass engersäits de feministesche Kampf fir d'Gläichberechtigung fir gläich Rechter vu Männer a Fraen. Et ass de Kampf géint reliéis Fundamentalismen, géint Oppressioun, géint Fanatismus, reliéise Fanatismus deen, wéi mer wëssen, net némmen an asiatesch, arabeschen oder afrikanesche Länner unzetreffen ass, mä deen och an europäesche Länner, an Amerika erémzefannten ass. An et ass net némmen den islamesche Fundamentalismus, mä et gëtt och e chrëschtleche Fundamentalismus deen een net vergiessen däerf. An d'Madame Nasreen steet wéi den Här Huss dat virdru gesot huet, ebe fir en opgeklärte Laizismus deen ee mengen ech als Stad Esch némmen énnerstëtze kann. An dat drëtt ass wéi den Här Codello gesot huet, de Schutz vu Minoritäten deen der Madame Nasreen ganz wichteg ass.

Ech mengen awer och, datt et wichteg ass ervirzehieren, datt et en Ënnerscheid gëtt tëschent der Lutte géint de reliéise Fundamentalismus an enger kritescher Attitude zur Relioun, duerfir fannen ech et als Bemoll e bësse schued, datt am Fong an der Broschür déi hiergestalt ginn ass, zu Éiere vun der Madame Nasreen, drasteet datt si e Kampf nieft hirem feministesche Kampf, och e Kampf géint den Islam géif feieren. An dat ass net de Fall. Si féiert e Kampf géint den Islamismus.

An ech mengen, datt awer de Choix aus deenen dräi Grénn déi ech opgezielt hunn, de Choix fir der Madame Nasreen deen Titel ze ginn némme richteg ass an als Lénk wäerte mer dat natierlech och énnerstëtzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Gutt, villmoos Merci fir déi dote Diskussioun. Ech wëll elo net déi Äntwerten déi vun alle Parteien eigentlech hei mat präziséiert ginn, nach eng Kéier widderhuelen. Ech sinn elo net ganz esou streng wéi Dir, ech hunn awer elo, vläicht iwwerleet hie sech dat jo nach eng Kéier beim Här Jaerling ech hunn elo net

héiere wéi wa seng Ausféierung sech géint déi Madame géinge riichten. Dat hätte mer och hei net verstanen, mä ech sinn awer frou, dass jiddwereen d'Mériten an den Engagement vun där Perséinlechkeet hei unerkennt. Ech mengen dat wier schued wann dat net de Fall wier. Et wier natierlech nach besser wa mer kéinten à l'unanimité och dee Volet procédural fir der Madame d'Éier, also fir eis d'Éier ze maache fir si als Citoyenne d'honneur vun eiser Stad ze hunn, wa mer déi hätt kënnnen unanime huelen. Mä ech mengen et ass wéi et ass an ech géing lech da proposéieren zum Vote ze kommen.

##### **Conseillers présents:**

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

*Le Conseil Communal décide par 15 voix oui et 1 abstention de décerner le titre de citoyenne d'honneur de la Ville d'Esch-sur-Alzette à Madame Taslima Nasreen.*

*Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz et Spautz ainsi que les conseillers Baum, Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Knaff, Maroldt, Roller, Snel, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Den Här Jaerling wëll seng Abstentioun begrënnen.

**Aly Jaerling (Indépendant):** Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, dass ech éischtens mol, meng Abstentioun ass eben einfach well ech hei virun e Fait accompli gestallt ginn. Déi zweet Saach ass, dass ech absolut kee Problem hunn, dass där Madame do déi Éier zu Recht kënnnt, well dat de Gemengeret gestëmmt huet, mä ech sinn nach èmmer der Meenung dass mer eis sollen, wa mer d'Éierebierschaft vun Esch verginn, dass mer eis da sollen op Leit beschränken déi eng direkt Relatioun mat Esch hunn. Ech mengen

## **5. Site Belval: conclusions du jury sur le futur aménagement du „Square Mile“; information**

et gëtt esou vill Saache wou een op der Welt ka soen, wou Fräiheetskämpfer oder egal, kann ee bei jiddwerengem soen, dat ass eng direkt Relationoun mat Esch. Ech schwätzen hei vun enger direkter Relationoun mat Esch an ech mengen ech hunn hei zwee, dräi Beispiller genannt wéi ech dat gesinn. An dofir hunn ech mech enthalten. Awer net well ech däi Madame do elo déi Éier net wéll zoukomme loossen. Ech mengen do wéll ech net falsch verstane sinn.

An ech fannen et och e bëssen traureg dass dann, wann een hei seng Meenung seet, dass da vu Säite vun der LSAP da ganz oft kënnt, dass deenen anere Leit hir Argumenter minabel wären. Ech weisen dat entschieden zréck. Meng Argumenter déi ech hei virbréngen, déi bréngen ech hei ervir well dat esou ass. An ech mengen ech hunn e Recht op eng euge Meenung an ech loosse mer et net gefalen, dass een hei seet wann ech meng Meenung soen, dat wär minabel. An ech géif der LSAP och roden an Zukunft duerfir ze suergen, dass hir Leit däi Bemierkunge sollen énnerloosser, well ech mengen, wann Dir mech kennt, da wësst Dir dass ech vill méi fest énnert de Rimm ka schloe wéi verschidden anerer sech dat kënne virstellen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Gutt. Dont acte.

### **5. Site Belval: conclusions du jury sur le futur aménagement du „Square Mile“; information**

Grousse Sprong vun der Madame Nasreen an de Belval, mä vu dass dee Sujet oft hei um Ordre du jour ass, fir dass eise Gemengerot émmer um leschte Stand ass, ass dat awer net esou dramatesch.

An dësem Fall geet et ém de Masterplang vum Square Mile. Vläicht ass d'Wuert Masterplang net esou ideal gewielt, well e Masterplang vum Belval existéiert jo zénter dass e vum Här Coenen erstallt ginn ass 2001. Dofir ass dat heiten am Fong fir dat Méttelstéck vum Belval eng Adaptation ponctuelle vum existente Masterplang. Dat ass och eng gutt Saach, well all Masterplang ass en evolutiv Instrument dat ee regelméisseg muss adaptéieren an dat ass dann och dëse Moment geschitt.

Mir schwätzen hei émmerhi vu 500.000 m<sup>2</sup>. Dir gesitt an Ärer Preparatioun, am Gemengerotsdossier och wou sech deen Deel befénnt.

Zum Verglach am Central Gate sinn 190.000 m<sup>2</sup>. Dat erklärert lech vläicht d'Dimensione vun deem Areal. Fir et direkt virauszeschécken, d'Laureate vum Concours dat ass KCAP vum Professer Kees Christiaanse aus Rotterdam. Dat ass en hollänneschen Architektbüro deen awer och Büroen an Däitschland huet an déi énner anerem verantwortlech Zeechne fir d'HafenCity zu Hamburg. Dat huet eis impressionéiert a mir hunn och an der Agora gesot, dass et kéint interessant sinn, och fir eis Stad Esch, fir sech dat eng Kéier ukucken ze goe wat do entstanen ass, well dat soll formidabel sinn. Eise Bauteschäffen hat viru kuerzem privat d'Geleeënheet fir sech dat unzukucken an hien huet eis dat och konfirméiert.

Dir gesitt och op der zweeter Sait vun Ärer Dokumentatioun dee Square Mile kann een eigentlech énnerdeelen a fénnef 2er-Bléck. A vun deene fénnef 2er-Bléck ass een 2er-Block um Territoire vun der Stad Esch. Dir gesitt och op der éischter Sait wou d'Grenze verlafen.

Eis Kollege vu Suessem interesséiere sech also mindestens genee esou vill fir deen doten Areal wéi mir, well doduerch ergétt sech fir si déi grouss Chance fir och um Territoire vun der Suessemer Gemeng déi Mixitéit ze poursuivéieren déi mer um Escher Deel ugefangen hunn. An ech denken do virun allem och un de Commerce awer virrangeg u Logement an och aner Affektatiounen déi zum Beispill am Beräich vun der Fräizitätsgestaltung oder vun der Kultur leien. Eis gemeinsam Suer – an ech wéll énnerstráichen, dass och hei d'Zesummenaarbecht mat der Suessemer Gemeng erém eng exzellent war – eise gemeinsamen Interêt besteet doranner, an dat ass och schonn direkt en Iwwergang zu der Qualitéit vun deem heite Projet, dat ass fir eng Mise en valeur ze maache vun deem scho Bestoenden. Gläichzäiteg nei Weeér ze goen, evident, awer dobäi net ze vergiessen, déi Réalisation existante an domatter och déi bestoend Amenagementer an och déi Place dite „Agora“, fir déi mer am nächste Gemengerot e Jury proposéiere fir en neien Numm erauszesichen, fir déi och en Valeur ze behalen a fir den Accès zu deene bestoenden Amenagementer an Infrastrukture sécher ze stellen. Gläichzäiteg erlaabt en eng gutt Ubannung un déi Plaz bei den Héichiewen, un d'regional Gare, un den zukünftege Parc Belval deen op Suessemer Terrain läit an och un de Lycée technique deen den Hierscht seng Diere wäert opmaachen.

Dir gesitt beim Descriptif vum Projet an och bei den Zuelen déi ech hei net wéll widderhuelen, well se integral am Dossier sinn, wéi déi eenzel Accèsen, Ubannungen a Verbindungs punkte geschaat sinn an deem heite Projet. Envirzestráichen ass och, dass en e ganz gudde Phasage erméiglecht an dass e virun allem och Investitiounen zou léist déi net just fir grouss Investisseur sinn, mä déi och et erlabe méi kleng Projeten ze realiséieren déi eng wirtschaftlech Dynamik erlauben och fir métteilstänneg Entrepriseen an Investisseuren déi net just ganz grouss gesinn. Dat schéngt eis och ganz wichteg well dat bréngt méi eng grouss Variétéit an den Urbanismus an an d'Architektur an och e bessere Funktiounsmix. Dat ass fir eis ganz wichteg.

Wat ee vläicht och nach ka soen, dat ass, dass mir der wirtschaftlecher Situationsno der Kris Rechnung gedroen hunn als Memberen an der Agora, wou mir als Gemeng representéiert sinn an do ass ausgewise ginn, dass insgesamt de Marché vun de Büroen éischter stagnéiert an dass et bei all Projet a virun allem beim Projet Belval enorm wichteg ass fir den Deel vum Wunnensraum ze vergréisseren. Well e Projet ass némmen esou lieweg wéi déi Menschen déi do wunnen an déi do sech bewegen an déi do akafen an déi do an d'Schoul ginn an déi do hir Fräizität verbréngen, an dofir ass de Part vum Habitat augmentéiert gi vu 25 op 35%. An dat erlaabt dann natierlech eng besser Liewensqualitéit an deem Quartier an och insgesamt méi Liewen an dem gesamte Quartier.

Et ginn also keng zentral Achse geschaافت déi au détriment sech entwéckele vun deene bestoenden Achsen. Dat ass eis och ganz wichteg well esou wéi mir net wéllen dass Belval eng Insel ass fir d'Gemengen Esch a Suessem, esou wëlle mir och net, dass de Square Mile eng Insel ass am Gesamtquartier. Insofern ass dat fir eis e Projet deen all déi Sensibilitéit berücksichtegt a virun allem eben déi urbanistesch Qualitéit erhält déi schonn en oeuvre gesat ginn ass laanscht de Boulevard du Jazz.

Ofschleissend wéilt ech gäre Merci soen, och dem Bauteschäffen an dem Émweltshäffen déi mech mat representéiert hunn am Concours an déi och eng Hand mat ugepaakt hu bei der Ausarbeitung vun de Critérié fir dee beschte Projet eraus ze schielten. An ech géing lech dann ofschleissend Merci soe wa mer hei bei eiser Diskussioun der Qualitéit vun deem selectionéierte Projet Rechnung droen.

## 5. Site Belval: conclusions du jury sur le futur aménagement du „Square Mile“; information

---

Quitt dass dat net e Vote ass, well et eng Désisioun ass déi bei der Agora läit a well am Moment keng immédiat Autorisatiounsproudu drunhänkt. Mir wäerten elo erliewen, an deenen nächste Méint, wat aus deem heite Mini-Masterplang an neie Projet Square Mile wäert entstoen. Do wäert en Appel public komme fir Interessenten déi kënnen deen dote Projet mat Liewen erfëllen a mir wäerte selbstverständlech als Schäffens- an als Gemengerot déi Weiderentwécklung ganz no suivéieren.

Den Här Huss.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG):** Just zwee Sätz dozou. Madame Buergermeeschtesch. Et ass jo esou, datt mer hei scho méi wéi eng Kéier iwwert d'Wichtegkeet vun der Universitéit a vun all deem wat op Belval geschitt, dat hu mer méi wéi eng Kéier hei énnerstrach an do si mer eis jo wäitesgehend eens heibannen. Wat elo hei deen heite Projet vum Amenagement vum Square Mile ubelaangt, ass et ganz wichteg datt Dir drop higewisen hutt, datt mer musse kucken, datt mer eng gesond Mixitéit do kréien, souwuel vun der Wunnfonction wéi vun der Commercefonction an esou virun. Ech mengen déi Saache sinn allegueren hei scho méi wéi eng Kéier gesot ginn an et ass kloer, dass mer dat némme kënnen énnerstëtzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Huss. Den Här Zwally.

**André Zwally (CSV):** Merci, Madame Buergermeeschter. Mir wollten och e puer Remarqué maache wat deen doten Developpement ubelaangt. Ech menge mir hunn als CSV hei émmer gefuerert gehat, op d'mannst d'Suggestioun gemaach, fir net eleng émmer némmen hei um Niveau vun de Pläng dorriwwer ze diskutéieren an Désisiounen ze huelen, mä och virun allem eng Kéier op den Terrain kucken ze goe wéi dann d'Evolution vun deem ganze Projet war. Mir hunn dat dee leschte Freideg gemaach gehat an ech kann némme soen, dass op d'mannst déi Leit déi mat dohinner waren, erastaunt waren an och wierklech dat fonnt hunn dass et eng gutt Saach war. Esou konnt een dann eng Kéier mat eegenen Ae feststelle wéi dach de Site amgaangen ass sech ze developpéieren.

Dir hutt hei geschwat vum Liewe wat muss dohinner kommen. Et huet een och op Grond vun deene Responsabelen déi um Niveau vun

Agora an och Fonds de Belval mat waren, wat u sech eng ganz gutt Saach war, well jiddweree jo do säin Aufgabeberäich huet, an innerhalb vun deem Aufgabeberäich do och seng Vuë ginn huet, respektiv och säi Stand vu sengen Aarbechte matgedeelt huet, wou mer dann émmer konnte feststellen, dass d'Demande fir Liewen dohinner ze kréien, haapsächlich um Niveau vun de Wunnengen, fir dass een dann och d'Mixitéit méi grouss soll maachen, haapsächlich um Niveau vum Liewe wat domatter verbonnen ass, gefrot ginn ass. A mir sinn och der Meenung, dass dat eng Iwwerleeung wäert ass an dass ee soll dofir suergen, dass dat och wierklech novollzéibar bleibt.

Dir hutt och hei vun dem Square Mile geschwat. Mir sinn der Meenung, dass de Square Mile esou wéi en och an der Diskussion stoung, eigentlech de Filetsstéck gëtt vun deem ganzen, well et einfach eng Integratiounform herno kritt. Déi Integratiounform déi ass gläich ze stelle mat deem ganzen, well se einfach gläich ze stellen ass mat esou engem zentrale Kär vun iergendengem Site oder vun iergendengem Quartier oder vun iergendeppe wat amgaangen ass ze entstoen. Mir hunn och deemoos d'Désisioun geholl, dass net alles soll dohinner kommen, mä virun allem dee Kär soll dozou entwéckelt ginn, dass e ganz einfach helleft no baussen ze droen. Net alles no bannen, mä haapsächlich no baussen, ouni dass dat wat ronderëm gebaut gëtt a senger Gréisst soll beeinträchtigt ginn. An deem Senn si mer och der Meenung, an Dir hutt dat och gesot, Madame Buergermeeschter, dass déi ganz Entwicklung op deem ganze Site soll équitabel gefouert ginn, esou dass jiddwereen eppes dovunner huet.

Hei an der Ausféierung hutt Dir och e Groupe de travail interne mentionéiert deen innerhalb hei vun eiser Gemeng virun allem och etabliéiert ass fir déi Evolution insulaire déi Dir fäert, och zu Recht fäert, wéllt am Virfeld aner Iwwerleeunge mat erabréngen. Dat fanne mer och ganz gutt, well och do ass d'Angscht domatter verbonnen, dass ganz einfach dee Charakter deen eis haut nach émmer verbénnt téshent deem geographeschen Deel dee mer um Niveau vu Belval erémfannen, dass deen énnerbonne gëtt an dass mer ganz einfach kënnen an enger normaler Funktionalitéit eis dohinner beweegen, esou wéi mer dat och hei an de Quartiere maachen.

Dir hutt d'HafenCity vun Hamburg mentionéiert, wierklech e fantastesche Projet. Ech sinn net esou wäit fir hei d'Fuerderung ze stellen, dass mer eng Kéier gemeinsam sollen dohinner goen, mä et wier op jidde Fall net schlecht wann een eng Kéier géif dorriwwer nodenken, well dat ass wierklech e fantastesche Projet, innerhalb vun Europa an ech sinn och der Meenung, dass eise Masterplang esou wéi mir en hei an den Developpementer hunn, op d'mannst deem nosheet an der ganzer Iwwerleeung. Insofern ass et wierklech eppes wat extrem wichteg ass a wat och ganz flott ass.

Dir hutt de Concours ugeschwat, och dat wëlle mer soen dass dat eng gutt Idee ass. Hei hu mer e gudden Deel vun Demokratie entwéckelt wou mer d'Leit opfuerderen hir eege Meenung dorriwwer ze soen an och Propositionen ze maachen. Ech sinn och iwwerzeegt, dass dat doten dee richteg Wee ass. Insofern freeë mer eis schonn drop wann am nächste Gemengerot déi Désisiounen hei falen a mir sinn och vrou, dass een agebonnen ass an där ganzer Evolution.

Deem gesot kann ech némme soen, dass ee vläicht och eng Kéier soll drun denke fir zum Beispill e Gemengerot op deem neie Quartier ze maachen, déi Fuerderung ass an de Raum gestallt. Ech mengen dat huet och deen Avantage, dass do kee ka fortafe wéi dat oft hei de Fall ass. Wann ech e bëssen an de Raum erakucken, gesinn ech dass deen een oder aneren net méi hei ass. Et ass awer wichteg wann een déi Sujete schwätz, dass een hei bleift. An do ass ee gefaangen e bëssen an deem ganzen, da leeft een net fort, da bleift een och hei wann déi wichteg Diskussioun kommen. Dann ass dat dann och kloer. An dorriwwer eraus mengen ech, hate mer och d'Diskussioun iwwert vereenzelt Kommissioussitzungen déi een do kënnnt maachen, d'Bauten zum Beispill. D'Studentewécklungskommissioun, och dat wier wichteg, dass een eng Kéier dohinner geet, well d'Maquette ass u sech an deene Raimlechkeeten do an da gesäßt een dat och. Ech mengen eis Fuerderung och vun CSV wier och déi fir ab und zu eng Kommissioussitzung do uewen ze maachen, dat wär wichteg. Esou droe mer dann och en Deel vun Esch dohinner an all deem wat d'Désisiounen ubelaangt.

Deem gesot, wëll ech domatter schléissen andeem mer selbstverständlech wäerten alles mat énnerstëtzen.

## **6. Conventions entre la Ville et les moniteurs de la LASEP, du Youth-Sports – Cool-Sports et du „Fit 60+“; décision**

### **Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

Ech géing den Hären Huss an Zwally Merci soen. Also dat ass alles richteg wat hei gesot ginn ass. Ech wéilt dann direkt déi Meenung opgräifen, oder déi Propositioun opgräifen déi hei vum Här Zwally gemaach ginn ass. D'Kommissioune saisiéiere sech jo selwer. Do huet am Fong de Schäfferot elo guer keen direkten Afloss drop. Wou de Schäfferot elo an Aktioun trëtt, dat ass wann e géing vun de Commissions jointes wéi et hei ugedeit ginn ass, saisiéiert gi fir den Deplacement ze organiséieren oder fir de Finanzement vun eppes ze maache wat am Kader vun där Visite géing ufalen, dann ass de Schäfferot bestëmmt en faveur vun där doter Démarche. Mä ech géing da recommandéieren, dass d'Presidente vun der Bautekommissioune vun der Stadentwicklungskommissioune, deen een ass Member mä e sëtzt elo net hei an deen aneren ass net Member vum Gemengerot, dass déi géingen ugeschriwwen gi vun eis, wou déi Recommandatioun u si weidergeleert gëtt, mä si sinn da selwer dofir do fir hir Kommissioune anzeberuffen.

An eise Gemengesekrétär huet sech dat bestëmmt schonn opgeschriwwen, dass de Schäfferot wäert déi Presidenten an där Fro usschreiwen.

### **6. Conventions entre la Ville et les moniteurs de la LASEP, du Youth-Sports – Cool-Sports et du „Fit 60+“; décision**

Majo, mir kímen dann zum nächste Punkt, dat sinn d'Konventiounen téschent der Stad Esch an de Moniteure vun der LSAP.

(Hilarité)

Ech wousst dass et eng Kéier géing kommen! Ech wousst dass et eng Kéier géing kommen! Et ass kee vun deenen an der LSAP. Ech soen dat Ganzt elo nach eng Kéier.

Den nächste Punkt sinn d'Konventiounen téschent der Stad Esch an de Moniteure vun der LASEP am Kontext vu Youth-Sports – Cool-Sports a Fit 60+ an dat gëtt selbstverständliche virgestallt vun eisem Sportschäffen, dee Member vun der LSAP ass.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Jo, do stëmmt et wéinstens.

Merci Madame Buergermeeschter, fir d'Iwwerleidung. Hei si mer eigentlech elo konfrontéiert mat der Léscht vun all eise Moniteuren déi aktiv solle ginn, awer elo fir d'nächst Saison, well de Programm gëtt jo elo opgestallt fir, vum Hierscht un dat neit Joer, dat neit Sportsjoer kénnen ze organiséieren. Mir hunn énnerschiddlech Regimer gehat, an deenen énnerschiddleche Beräicher wou mer aktiv waren am Kontext vun eisem Sportförderprogramm, sief dat an der LASEP am direkte périscolaire Beräich vun der Ecole fondamentale, sief dat an dem Beräich vum Youth-Sports – Cool-Sports, deen am Fong de Relais hëlt vun der LASEP fir kénne sécher ze stellen, dass déi Jugendlech dann net nom Enn vum 6. Schouljoer an e Lach falen an dann och fir bei eisem Sportsprogramm Fit 60+.

Et ass esou, dass mer do verschidde Regimen haten an awer déiselwecht Moniteuren heiansdo oder wa mer vun där enger Säit op déi aner Säit wollten e Moniteur shiften deen och bereet war, dann huet dat Schwierigketeit bedeit wat d'Offrechnung an d'Organisatioun ugeet. Dofir proposéiere mer lech hei déi Moniteuren alleguer an déi Kaderkonventioun ze stëmmen. Dir gesitt, dass déi meescht an der LASEP täteg sinn, mä mir hunn awer och en Deel Leit déi an der LASEP an am Youth-Sports täteg sinn. Mir hunn och Leit déi am 60+ täteg sinn, wat eis awer elo erlaabt, och wa mer déi Léscht haut hei gestëmmt hunn an déi Konventiounen gestëmmt hunn, well et deeselwechte Regime ass, déiselwecht Konventioun ass, wann dann een aus der LASEP och misst mol remplaçéieren oder aushëlfen am 60+ oder Youth-Sports – Cool-Sports ass dat administrativ vill méi einfach méiglech an et erlaabt eis dann de Programm fir d'Joer 2011/2012 opzebauen. Et ass esou, dass Programmer nach eng Kéier, e klenge Rappel iwwer 600 Kanner sinn an der LASEP ageschriwwen. Mir sinn de Moment bei 180 schonn am Youth-Sports – Cool-Sports a mir ginn elo esou lues op 100 lass am Fit 60+. An et progresséiert, well virun allem elo all déi Outdoor-Aktivitéiten déi bei deem gudde Wieder kénne stattfannen, émmer méi grousse Succès kréien.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Sportschäffen. An och Merci him an dem Service fir déi enorm Efforten déi an deene leschte Méint a joeren an de Beräicher Jugend a vum 60+ Sport gelescht gi sinn. Dat

ass formidabel an do huet sech eppes opgebaut wat enorme Succès kennt a wat eis grouss Unerkennung verdéngt.

Au vote.

#### **Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –  
Mme Mady Hannen – Mme Annette  
Hildgen – M. Henri Hinterscheid –  
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff  
– Mme Lydia Mutsch – M. Roger  
Roller – M. John Snel – M. Jean  
Tonnar – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions signées entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et les moniteurs/monitrices dans le cadre des activités sportives, des activités périscolaires de la « LASEP », du programme « Youth Sports – Cool-Sports » et du « Fit 60+ » de la Ville*

## **7. Convention concernant le projet-pilote d'école à journée continue 2010-2012; décision**

Sou mir géingen da weiderfuere mat Punkt 7, dat ass d'Konventioun ronderëm eis Ganzdaagsschoul an do ass natierlech Responsabel eise Schoulschäffen.

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** (micro éteint)

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Micro, lang.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Oh, dat musse mer awer nach eng Kéier soen.

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** d'Ministesch wäert mer de Micro elo zou gemaach hunn. Nee, ech maachen awer elo net nach eng Kéier datselwecht.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Dach. Soss kénnt et net an den Analyteschen.

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** Bon, hei ass d'Konventioun, et ass eng Verlängerung vun där leschter. Et ass just, Dir gesitt mer sinn am 3. Trimester. Si leeft fir 2 Joer, vun 2010 bis 2012 un an dat eenzegt wat nei ass, dat ass dass mer dës Kéier zu dräi Partenairé sinn. De Ministère de la Famille ass bäikomm. Dat ass

## **7. Convention concernant le projet-pilote d'école à journée continue 2010-2012; décision**

wéinst de Maisons Relais déi elo en Deel sinn och vun der Ganzdaagsschoul a wou déi nei Maison Relais d'leschte Méinden opgaangen ass. Dat hat ech vergiess.

Da wëll ech awer eng Remarque maachen, ech gesinn émmer op der Tëlee en trauregt Gesicht vun der Ministesch déi iwwert en ähnleche Projet schwätzt, déi seet: Eis Schoul, an da geet dat rëm net, well dann hunn der erëm esou vill démissionéiert an d'Enseignante ginn net eens mat den Eltereevenegung. Et gëtt awer ni gesot, elo laache mer mol eng Kéier, wéi gutt geet dat hei zu Esch. Dat gëtt ni gesot. Dat ass selbstverständliche, dass dee Projet pilote deen elo schonn am 4. Joer ass, dass deen esou gutt klappt. Duerfir si mer ganz stolz hei zu Esch, dass net vill driwwer geschwat gëtt, mä dass e gutt klappt a mer sinn houfreg an ech géing lech bieden déi Konventioune ze stëmmen, ausser wann nach ee Froen hätt déi ech versichen dann ze beantworten.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Mir hunn zwou Wuertmeldungen, den Här Baum an d'Madame Hildgen. Dann huet d'Wuert elo den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Zwou Remarques dozou. Dat éischt ass dat hate mer awer mengen ech och schonn 2009, et ass eng Konventioune déi zäitlech begrenzt ass. Dat heescht si geet bis 2012. Üblech ass et awer éischter an anere Konventiounen déi mer mat der Famille oder mat der Education hunn, datt se zäitlech net begrenzt sinn. An duerfir meng Fro, firwat datt dat nach émmer esou ass, datt dès Kéier bis 2012 d'Begrenzung festgehale ginn ass.

Dat zweet ass, Här Tonnar, ech mengen Dir hutt Recht, wat Dir sot, datt d'Ganzdaagsschoul ganz gutt fonctionnéiert an datt et e béissen eng Success-Story ass déi mer hei zu Esch hunn, datt mer op dee Wee gaange si vun der Ganzdaagsschoul. An ech denken awer, datt mer misste kucken och an Zukunft, an d'Nonnewise war eng Zäit am Gespréich fir do och Ganzdaagsschoul ze maachen. Dat ass, esou wéi ech am Moment informéiert sinn, net de Fall. Ech menge mir sollen een erfollegräiche Modell dee mer hunn, déi erfollegräich Erfahrung déi mer gesammelt hunn op Jean Jaurès, sollte mer ausweiden a weider Schoulen déi mer hei zu Esch wäerten a mussen opmaachen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci, Här Baum. D'Madame Hildgen.

**Annette Hildgen (CSV):** Merci, Madame Buergermeeschter, den Här Tonnar huet gesot ween e puer Froen huet, dee ka se stellen. Déi éischt Fro déi ass, et ass jo nach e Gebai dobäi komm. Ech mengen dat ass hei vläicht net esou erauskomm, datt d'Leit dat net enregistriert hunn. Dat heescht och déi nei Containeren déi do stinn, déi gehéiere jo awer och zur Ganzdaagsschoul, oder? Da wier ech frô wann ech herno géif dorriwwer nach eng Explikatioun kréien.

Da fir déi nächst Fro déi ech hätt. Et gëtt jo eng nei Kantin, Maison Relais gebaut? Fonctionnéiert déi schonn?

(Interruption)

Ah, déi ass e Méinden opgaangen. Merci. Dat wollt ech wëssen. Ok, ass e Méinden opgaangen.

An da gesinn ech hei, do ass en Dortoir opgefouert. Do hätt ech gären eng Explikatioun firwat brauche mir en Dortoir? Merci.

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** Ech äntwære fir d'éischt dann dem Här Baum, well dee fir d'éischt Froe gestallt huet. Här Baum, mir maachen émmer fir 2 Joer, dat ass e Zykel an Dir gesitt wéi ech gesot hunn, et kommen émmer vill Ännérungen. Da misste mer en Avenir maache wa mer et elo op 5 oder op 6 Joer géife maachen. Wéi elo hei an däi éischter Konventioune war de Ministère de la Famille net mat dran. Hei ass e mat dran. Vu dass dauerend awer dee Projet evoluéiert, hu mer mam Ministère festgehalen, dass mer et op 2 Joer géifen halen. Duerfir ass dat déi limitéiert Zäit.

Déi aner Fro, an der Ganzdaagsschoul, an den Nonnewisen, hate mer effektiv just mol gefrot wien interesséiert wier als Enseignant op mer iwverhaapt eng Equipe géife fannen. Well mir sinn der Meenung dass een esou ee Projet iwverhaapt net kann ugöe wann een net eng motivéiert Equipe huet, mä wann ee vun der Schoulkommissioun aus Leit dohinner setzt. Dat gëtt náisch. Dat kann náisch ginn. Et ass vläicht ee vun de Problemer an der Stad, ech weess et awer net. Dat ass mer och egal. Mir hunn awer hei och elo net an den Nonnewisen eng total traditionell Schoul. Dat wëll ech awer och ganz kloer soen. Mer hunn do awer ganz op der Base vum neie Gesetz

gëtt total an Zykle geschafft, et gëtt total a Concertatioun vun den Enseignante geschafft, 3 Enseignante fir 2 Klassen oder 3,5 Enseignant fir 2 Klassen. Also et si keng Dieren an däi Schoul téschent de Klassen. Et ass schonn en anere System. Ech géif soen et wier eng Zwëscheléisung téschent der Ganzdaagsschoul an dem traditionelle Schoulwiese wéi mer e bis elo émmer kannt hunn.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Här Tonnar, hunn ech ech lech richteg verstan? Dir sot, mir hunn zu Esch net genuch Enseignante déi bereet wiere fir an d'Ganzdagsschoul op den Nonnewisen ze goen?

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** Nee, mir hu Leit, mä ech ginn náisch un, wou net eng Équipe koordinéiert schafft. Dat ass grad de Problem wann all Joer Neier kommen. Hei waren der déi sech gemellt hu fir dee Projet unzegoen, mä de Schäfferot huet finalement dovun ofgesinn, éischtens well mer immens Kandidaten hu vu Kanner, an dat geet dann net fir an eng Ganzdaagsschoul, dann hätte mer missé ganz vill Schoulraum sacrifiéieren. Dir hutt jo gesinn, Madame Hildgen, ech äntwære hir och elo op déi aner Fro vum Modul, a mer hunn hei esou vill Demandé vu Kanner an dee Secteur vun den Nonnewisen, dass mer dovun ofgesinn hunn nach eng zweet Ganzdaagsschoul de Moment do ze maachen. Mä et gëtt déi Schoul téschent Ganzdagsschoul an, wéi ech et d'éinescht gesot hunn, deen traditionelle Volet.

Wat der Madame Hildgen hir Froen ugeet, d'Maison Relais ass leschte Méinden opgaangen. Jo, mä vun e Méinden un iessen d'Kanner an der neier Schoul.

Déi zweet Remarque an deem Modul deen op der Plaz steet, do ass déi traditionell Spillschoul. Do ass keng Ganzdaagsschoul. Déi Ganzdaagsschoul Spillschoul déi mer dëst Joer fir d'éischt haten, déi ass am ale Gebai Jean Jaurès wou déi 6 Spillschoule waren. An do ass och en Dortoir, duerfir steet deen dran, well mer do e Précoce hunn a well déi Kanner mëttes op Matratze sinn an hir Mëttesrascht halen. Dat erkläert dat Wuert Dortoire, do ass och e Raum wou déi da kënnen hir Mëttesrascht halen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Merci fir dès Froen an och Explikatiounen vum Schoulchäffsen. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung fir déi Konventioune.

## **8. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision**

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen  
– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling –  
M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. André Zwally

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette, le Ministère de la Famille et de l'Intégration et le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle concernant le projet pilote d'Ecole à journée continue « Ecole Jean-Jaurès », 2010-2012.*

## **8. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision**

Dann huele mer dann elo de Punkt 8, dat sinn d'Personalfroen déi an der Réunion publique sinn an den Här Personalschäffen huet d'Wuert.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Ech kann et haut ganz kuerz maachen. Mir hunn ee Punkt, dat sinn d'Primes d'astreintes variables. Dir hutt d'Léscht virleien an d'Berchnung vun all deene Leit déi eng Prime d'astreinte variable kreien an ech mengen et ass net weider dozou ze soe wéi dass ech lech kéint bidden dár Léscht zou ze stëmmen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Den Här Jaerling.

**Aly Jaerling (Indépendant):** Also ech menge ech hunn et schonn eng Kéier hei gesot, mat deene Primes d'astreintes do, menger Meenung no misst dat am Huis clos behandelt ginn. Also ech hunn et schonn eng Kéier gesot, laut dem Gesetz wou mer hei eng Kéier laang drivwer geschwat hunn, kann et net sinn, dass eng Kéier Nimm vu Beamten an Aarbechter net duerfen enimmt ginn an déi aner Kéier da gi se hei grouss éffentlech. Ech menge mir missten eis iergendwann eng Kéier op eng Prozedur eenegen a soen, wann et fir déi eng ass, ass et och fir déi aner, dass keng Nimm duef wat Loun a Gehälter ubelaangt, dass keng Nimm duerfen an der éffentlecher Sitzung diskutéiert ginn. Ech

mengen, dat misst een eng Kéier genau nokucken, well ech fannen dat hei net richteg. Dat ass „deux poids, deux mesures“. Ech sinn einfach der Meenung dass dat hei déi Saache sinn déi am Huis clos musse behandelt ginn, well dat do keen eppes ugeet wat déi direkt Relatioun mat de Gehälter vun deene Leit ugeet.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Jo, ech menge mir haten déi Diskussioun schonn, et steet net esou am Gesetz an et ass och net esou, dass an der Séance publique náischt däerf gesot ginn, wou en Numm an e Gehalt dobäi ass, well soss hätte mer zum Beispill och déi Léscht virdru vun de Moniteuren net däerfen an der Séance publique stëmmen. D'Gesetz ass kloer, d'Gesetz huet eng protectionistesch Visé fir dass náischt op der Place publique débattéiert gëtt wat gegebenfalls Leit an hirem spéidere Liewe kéint schueden. Dat heescht, wa mir hei an der Séance publique eng Léscht virleien hu vun 10 potentielle Kandidaten, wou mer awer némmen 1 stëmmen an 9 net stëmmen an deenen hir Patronen dat da gewuer ginn, kënnen déi Leit e Schued dorauz kréien. Sanctions disciplinaires ginn och am Huis clos gestëmmt, well dat net onbedéngt och am Detail op d'Place publique gehéiert. Mä hei ass némmen d'Exekutioun vun engem Gesetz a vun eng gesetzlecher Regelung an do ass keen dee kann e Schued doduerch kréien, dass hei d'Effentlechkeet weess wéi vill Stonnen Astreinte dass hien hat. A wat fir eng Indemnitéit dass hien an Exekutioun vum Gesetz kritt, also ech mengen dat ass ganz kloer, dass dat do an d'Séance publique gehéiert wéi aner Saachen och.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Au vote.

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen  
– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling –  
M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. Roger Roller – M. John Snel –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les questions de personnel.*

## **9. Cartographie des zones inondables et des risques d'inondation; avis**

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Dir hutt den Avis virleien iwvert d'Cartographie des zones inondables et des risques d'inondation. Deen Avis ass opgestallt ginn op Grond vun enger Circulaire vum Ministère de l'Intérieur an dee gëtt gemaach en exécution vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwvert d'Waasser an déi d'Transpositioun an nationaalt Recht vun der Direktiv vun 2007 60CE vum europäesche Parlament duerstellt, déi sech mat der Evaluatioun a mat der Gestioune vun de Risques d'inondation beschäftegt. Déi Direktiv huet een Haaptobjektiv an zwar net dat fir Inondatiounen ze evitéieren, well dat ass a verschidde Plazzen einfach net ze evitéieren, a wann ee kuckt et ass eng Héichkultur entstane längs vum Nil duerch d'Inondatiounen, an duerch eng Gestioune vun den Inondatiounen, an eigentlech huet déi Direktiv en Haaptobjektiv an dat doranner besteet, réduire les conséquences négatives pour la santé humaine, l'environnement, le patrimoine culturel et l'activité économique associée aux inondations. Dat heescht d'Inondatioun als solch, do gëtt et e gewéssene Fatalismus déi kenne mer net evitéieren, mä d'Directive huet eng Aufgab dat ass d'Konsequenzen dovun ze minimiséieren an dat heescht préventiv aktiv ze gi fir ze kucken, dass wa schonn Inondatiounen an Iwwerschwemmunge sech net evitéiere loessen, dass dann esou wéineg wéi méiglech mënschleche Schued a Schued um Patrimoine culturel entsteet.

Mir sinn elo hei konfrontéiert mat Kaarte wou d'Wasserwirtschaftsamt da Risques d'inondations fir Esch festgestallt huet. Mir hunn als éischt mol festgestallt, dass et eng Inkohärenz gëtt téschent dem Kaartematerial. Dat Kaartematerial wat de Risiko vun Iwwerschwemmungen definéiert, an do stelle mer fest, dass an deem Kaartematerial kee Risiko vun Iwwerschwemmunge fir Esch festgestallt ginn ass. An da komme mer hannendru mat engem zweete Kaartematerial, dat ass dat wat vun der Wasserwirtschaft gemaach ginn ass an dann op eng Kéier mierke mer, dass Risiko vun Iwwerschwemmungen déi et awer virdrun net gëtt, solle fir Esch bestoen. An do gëtt et dräi Niveauen. Dat kënnt Dir gesinn. Also am schlëmmsten Niveau géing hei d'ganz Uelzechstrooss, wär déi mat héijem Risiko belaascht. Do ass et eng Inkohärenz déi doranner besteet a mer kéinten eigentlech

## **10. Contrat de cession de matériel électrique et d'outillages avec Sudstrom; décision**

soen, mon dieu et ass eis egal, well geschichtlich ass net nogewisen dass hei zu Esch Iwwerschwemmunge stattfonntunn an dass hei zu Esch grouss Schied duerch Iwwerschwemmungen entstane sinn. Et ass awer net esou neutral, well déi Cartographie vun den Iwwerschwemmungsrisiken, dat heescht déi Risiken déi duerch Iwwerschwemmunge kënnen entstoan, déi ginn herno op d'PAGE geluegt an dat kënnt da fir eis bedeuten, dass mer verschidden Zonen, wou awer geschichtlich net dokumentéiert ass, dass jeemoos eppes entstanan ass, kíenten da Constrainten entstoan. Dofir hunn eis Servicer sech ganz intensiv domat auserneegsat an hunn eis eigentlech als Konklusioun d'Propositoun gemaach, dass dat wat bis elo net stattfonnt huet, eng Konzertatioun mat eise Servicer, dass déi soll da stattfannen an dass déi Kaarte wéi se elo do virleien net den Aval vum Gemengerot kenne kréien, well dat riskéiert eis staark, staark, staark ze kompromettéieren.

Wa mer nämlech kucke wéi déi Kaarten entstane sinn, dat ass op Grond vun engem Projet Interreg TIMIS flood an dat sinn déi Kaarte wou ech geschwat hu wou eigentlech keen Iwwerschwemmungsrisiko fir eis besteet, wou ganz zaghaf hanner Schéffleng hanner dem Puddel eng licht Iwwerschwemmungszone ausgewisen ass, mä dat ass eng Iwwerschwemmungszone déi mer wolten hunn, wou mer d'Uelzecht renaturéiert hunn, wou mer d'ursprénglich Meanderen erém hirgestallt hu fir d'Fléissgeschwindegkeet vum Waasser erozeseten, also en Auswähichbecken, eng Auswähichzone fir d'Waasser geschafen hunn, well déi gréisste Risike bei Iwwerschwemmungen entstinn do wou Fléiss begradegt gi sinn a wou ganz héich Fléissgeschwindegkeeten op eng Kéier entstinn an déi dann énnerspullen an domat Schied un der Voirie an un anere Beräicher maachen an dozou féieren, dass gegebenefalls Bierger rutschen. Dat gëtt et alles hei esou net. An dat wat do an deem TIMIS flood Kaart ausgewisen ass, ass genau dat wat mer präzis selwer gemaach hunn.

Dat zweet, et muss ee wéissen, dass déi Cartographie wéi se vum Wasserwirtschaftsamt entstanan ass, op Grond vun enger punktueller Fotoflash an engem Survol gemaach ginn ass, op Grond vu Fotomaterial, zu engem Zäitpunkt wou effektiv hanner am Brill zu Schéffleng Waasser stoung. Mä dat war jo gewünscht, dat war jo gewoilt an dat ass jo

och richteg an dat ass gutt esou. An deem Senn si mir der Meenung dass fir Esch selwer an notamment déi Zonen déi do ausgewisse sinn, kee Risiko entsteet duerch Iwwerschwemmungen, well den Zentrum vun Esch einfach par rapport zu de Flossleef schonn ofgerigelt ass. A wann ee kuckt, Esch ass entstanan eigentlech an engem Supgebett an eis Virvirfahren hu schonn d'Urbanisatioun esou gedriwwen, dass et am Fong kompartimentéiert ass an dass do wou d'Uelzecht kéint e serieuse Risiko duerstellen, do huet se hanner hiert Ausdeenusbecken. Dat selwecht hu mer och mat der Dippecht gemaach, wou mer en éischt natierlech Ausbreedungsbecken och an den Nonnewise geschafen hunn iwwert d'Renatratioun a wou mer virufueren och en amont hanner téschent Raemerech an der Élerenger Strooss, dass do lues a lues natierlech Ausuferungsbecke fir d'Dippecht erém geschafe ginn, an dass domat eigentlech dee Risiko deen hei an deem Kaartematerial ass, net novollzéibar ass. A mer géingen och dann dem Conseil proposéieren déi Konklusioun vun eise Servicer, déi wéi eis Servicer eis se och proposéieren ze stëmmen an ze soen, dass déi Observatiounen an déi Objektiounen déi mir hei festgehalen hunn an deem Dokument, dass deene soll Rechnung gedroe ginn, iert dat definitiv Dokument soll ausgeschafft ginn an dat definitiv Dokument muss eréischt fir 2013, Enn 2013, 22. Dezember 2013 färdeleg sinn.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci fir dës Explikatiounen, Här Hinterscheid. Sinn dozou Froen oder Remarquen? Jo. Den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNIK):** Merci fir dem Här Hinterscheid seng Explikatiounen. D'Waasserdirektiv, oder dee Punkt vun der Waasserdirektiv deen Dir hei ugeschwat hutt a wat d'Kaarte vun de Zones inondables ugeet, hätt ee grousse Mérite, dat ass datt all déi Froen déi elo opgeworf gi sinn, soltten a gréisser Transparenz mat der Ëffentlechkeet zesummen diskutéiert ginn. Ech weess net ob Dir anert Material hutt wéi dat wat d'Wasserwirtschaftsamt, also wat mir hei am Dossier hu vum Wasserwirtschaftsamt. Also d'Transparenz gesäit a mengen Aen, a Lisibilitéit vu Kaarte gesäit a mengen Ae wierklech anescht aus wéi dat heite wat Dir virleien hutt. Et sinn, Dir hutt et selwer gesot, et sinn deelweis vereelste Kaarten. Se droe reale Situatione guer net Rechnung an duefir war ech ganz frou wéi

ech dann och den Avis gelies hunn deen d'Gemeng Esch da wéilt zeréckschécke wou all déi Punkten och nach eng Kéier opgenimmt ginn an ech kann lech doranner just énnerstëtzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Baum.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Deem ass eigentlech násicht méi zouzefügen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Da kéime mer zur Ofstëmmung.

### **Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid –  
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff  
– M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité l'avis concernant la cartographie des zones inondables et des risques d'inondation.*

## **10. Contrat de cession de matériel électrique et d'outillages avec Sudstrom; décision**

Sou, mir kéimen dann zum nächste Punkt, dat ass de Contrat de cession de matériel électrique et d'outillages mat Sudstrom an do geet d'Wuet un eisen Energieschäffen, den Här Braz.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Merci, Madame Buergermeeschter. Den Text ass an Ärem Dossier. Do geet et en fait ém eng Saach déi op d'Joer 2008 zeréckgeet. Den 1. Juli 2008 huet jo d'Sudstrom offiziell hir Aktivitéiten ugefaangen an domatter d'Kontinuitéit vun der Stad Esch iwwerholl. Dozou gehéiere ganz vill Saachen. Déi hate mer jo och allegueren am Gemengerot. Dozou gehéiert awer och dass d'Stad Esch dee Moment nach e Stock vu Material hat, den übleche Roulementstock dee mer iwwer Joeren a Jorzéngten émmer haten, an dass et fir dee Stock némmen dräi Méiglechkeete gouf. Déi eng wier gewiescht dee Stock ze verschiebeln oder ewech ze geheien, wat natierlech kee Senn mécht. Déi aner Variant wier gewiescht der Sudstrom deen einfach ze schenken. Dat hätt awer och

aus enger Rei vu Grénn net vill Senn gemaach, notammt well och den ILR domatter net averstanen hätt kenne sinn, dass do eng Firma vun der Gemeng eppes geschenkt kritt, esou dass just drëtt Optioun Rescht bleift, nämlech de Stock ze verkafen. Dat ass dat wat geschitt ass. De Stock ass geschätzt ginn op eng Gesamtvalue vun 927.901,66 Euro. D'Sudstrom huet deen also formal der Gemeng ofkaaft. Esou wéi d'Gemenggesetz et awer virgesäit, et ka jo keng Recette op der Gemeng gemaach ginn ouni entweder e bestehend Reglement oder eng Taxe, oder Taxereglement oder eben iwwert d'Autorisation vum Conseil. Dat heescht hei ass elo vläicht keng schrecklech wichteg Saach, mä et ass eng Recette fir d'Gemeng an déi muss autoriséiert sinn, wéi dat fir all d'Recetté vun der Gemeng gëllt. Duerfir ass dat och hei am Conseil.

Fir d'Bezuele vun deem Material, also et waren an der Haapsaach Reschter vu Kofferkabel an esou Geschir war et, si mer eens gi mat der Sudstrom fir dat iwwer 4 Joer ze strecken, fir dass d'Sudstrom dat net misst an engem Budgetsjoer stemmen. Dat mécht dann also 3 Tranchë vun 240.000 Euro an eng Tranche fir de Solde vun 207.901 Euro. Dat fänkt un 2011 mat der éischter Tranche an 2014 ass dat da färdeg ofbezuelt. Dat ass dann nach eng Kéier eng Recette wéi gesot vun no bei enger Milliou恩 Euro fir d'Stad Esch an domatter huet och alles seng Richtegkeet par rapport zum ILR, dass do näischt ka kontestéiert ginn.

An ech géing lech da bidden deem zouzes-tëmmen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Jo, ech mengen et kann een och heizou seng Zoustëmmung ganz gäre ginn. Ech wéilt duerfir awer eng aner Remarque maachen déi och an der Finanzkommissiou opgeworf ginn ass. Mir hunn als Gemengerot bis elo ee Semester presentéiert kritt, de Budget vun engem, net de Budget, de Rapport vun engem Semester. Et war dat zweet Semester 2008 a mer sinn awer entretemps 2011. An ech géif den Energieschäffen da bidden dem Gemengerot an enger nächster, enge vun deenen nächste Sëtzungen dann awer de Bilan vun 2009 och ze presentéiere vu Sudstrom.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Et ass eng richtege Remarque, mir wäerten dat och an deenen næchste Wochen direkt maachen. Wann Dir d'accord sidd, kéinte mer souguer nom Gemengerot d'Agenda huele fir en Datum festzeleeën, elo ganz rapprochéiert. De Bilan vum Joer 2010 dee wäert wéi all Joer esou am Juli färdeg sinn an de Schäfferot engagéiert sech, dass mer deen och nach virum Summer, dann och dem Conseil préparéieren. Dass mer also en vue vun de Wahlen am Oktober mat kengem Bilan hannendra sinn, dass jiddwereen all d'Informatiounen huet virun der Echéance an net résicht duerno.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –  
Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid –  
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff –  
M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le crédit spécial de 10.000 € dans le cadre de l'acquisition d'un bus scolaire.*

## 12. Contrat de prestations et de services pour l'entretien périodique des installations de chauffage du quartier Henri Dunant avec Cofely Services S.A.; décision

Da kéime mer direkt zum Punkt 12, dat ass de Contrat de prestations et de services fir den Entretien vun den Installatiounen vum Chauffage Quartier Henri Dunant. An dat mécht eise Bauteschäffen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen  
– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling –  
M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. André Zwally

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité le contrat de cession de matériel électrique et d'outillages avec la société Sudstrom sàrl & Co sec's.*

## 11. Crédit spécial; décision

Sou, mir kéimen dann zu Punkt 11, dat ass e Crédit spécial am Zesummenhang mat eisem neie Schoulbus dee mer kréien. Do hate mer initial e Kredit virgesi vun 180.000 Euro am Kader vun eisem Budget 2011. Allerdéngs huet d'Procédure ouverte dozou gefouert, dass mer eng Offre unique hate vun 189.000 Euro, esou dass mer obligéiert sinn e Crédit spécial vun 10.000 Euro ze votéieren. An déi Dépense supplémentaire déi kenne mer couvréieren duerch eng Economie équivalente déi gemaach ginn ass am Kontext vun der Acquisitioun vun engem Camion fir d'Collecte vum Offall fir d'Valorlux. Wann Dir domatter d'accord wiert, au vote.

Mir hunn eis iwverluegt ob et e Marché wär oder ob et e Kontrakt wär a mer sinn zesumme mam Sekretär eens, et ass nämlech e relativ klenge Montant. En dréit awer iwwer 10 Joer, esou fir all Diskussiounen aus de Féiss ze goen, et dann hei vum Conseil stëmmen ze loassen, als Contrat de prestation de service, well en iwwer 10 joer dréit. Sollte mer dann awer elo herno vum Intérieur gesot kréien en hätt net misste vum Conseil

## 13. Subsides extraordinaires; décision

gestëmmt ginn, da maache mer da ganz einfach e Marché, well et ass net esou kloer, et ass wierklech keen importante Montant. En huet ebe just eng laang Liewensdauer.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Dir hutt geschwat d'Experienz géif feele fir den Entretien ze maachen. Et ass jo awer esou, datt via d'Sudgaz d'Escher Gemeng jo och bedeilegt ass un enger Gesellschaft déi jo awer esou Entretiensfroen am Fong misst kénne léisen. An duerfir meng Fro, ass dat wierklech esou, géif et bei Sudgaz net d'Méiglechkeet gi fir dat do kénnen ze maachen?

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Also de Moment gëtt et dat net bei Sudgaz, well Sudgaz de Moment némme Gas verkeeft awer nach kee Gas dee schonn zu Hétzt émgewandelt ass. De Moment mécht d'Sudgaz just de Verkaf vum Gas. De Gas gëtt an der Energiezentral verstroumt. D'Ofwärmer gëtt genutzt fir Heizzwecker. An an deem ganze Reseau duerno, an deem Fernwärmereseau huet d'Sudgaz bis haut keng Experienz. Et ass awer net auszeschleissen, dass d'Sudgaz iergendwann och do Experienz kritt, well

d'Sudgaz ass amgaang sech och ze iwwerleeë fir op deem Marché aktiv ze ginn a selwer net némme Gas ze liwweren, mä och selwer Energiezentralen opzériichten an och da selwer de Gas ze transforméieren an da gegebenefalls sech och selwer den Knowhow opzebaue fir net de Gasreseau mä fir de Wärmereseau mat senge Lektüren, mat senge Echangeuren. Also dat ass eng aner, et ass ganz kloer eng aner Technologie an déi huet och d'Sudgaz haut nach net.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
Gutt. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –  
Mme Annette Hildgen – M. Henri  
Hinterscheid – M. Aly Jaeling –  
M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes  
Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. John Snel – Mme Vera Spautz –  
M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité les subsides  
extraordinaires suivants :*

## 13. Subsides extraordinaires; décision

Sou, da wiere mer scho beim Punkt 13, dat sinn eis Subsides extraordinaires. D'Lësch läit eis vir. Se kënnt wéi émmer vun der Subsidekommission mat Remarquen zu allen Demanden déi gemaach gi sinn an ech géing lech bidden alle Subsides extraordinaires, esou wéi se an Ärer zwoosäiteger Lësch virleien, Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –  
Mme Annette Hildgen – M. Henri  
Hinterscheid – M. Aly Jaeling –  
M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes  
Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. John Snel – Mme Vera Spautz –  
M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité les subsides  
extraordinaires suivants :*

Nom de l'association	Concerne	Montant
<b>Bouschéisser Esch-Ueltecht</b>	<b>Subside pour frais de chauffage</b>	<b>€ 1.850,00</b>
<b>Lux-Airport Escher Kulturlaf asbl</b>	<b>Subside pour 5e édition Kulturlaf</b>	<b>€ 10.000,00</b>
<b>Escher Volleyball Club asbl</b>	<b>Subside Beach Open 2010</b>	<b>€ 2.500,00</b>
<b>C.F. Lankhelz</b>	<b>Subside pour consommation eau + énergies</b>	<b>€ 850,00</b>
<b>SOS Villages d'enfants dans le monde asbl</b>	<b>Don</b>	<b>€ 50,00</b>
<b>Médecins sans frontières</b>	<b>Don</b>	<b>€ 50,00</b>
<b>Rosa Läetzebuerg asbl</b>	<b>Subside pour Gaymat 2011 à Esch/A.</b>	<b>€ 2.500,00</b>
<b>Handicap international</b>	<b>Aide financière</b>	<b>€ 500,00</b>
<b>SOS Détresse – Héllef iwwer Telefon</b>	<b>Subside pour divers projets 2011</b>	<b>€ 250,00</b>
<b>Lions Club Viaduc Luxembourg</b>	<b>Remboursement frais location théâtre</b>	<b>€ 2.037,00</b>
<b>Lëtzebuerger Maarterverband</b>	<b>Soutien financier 2011</b>	<b>€ 1.000,00</b>
<b>Lycée de Garçons Esch</b>	<b>Concert Mélomania 2011</b>	<b>€ 250,00</b>
<b>Lux Rollers asbl</b>	<b>Subside 2011</b>	<b>€ 600,00</b>
<b>Fraïwelleg Pompjën Ensber-Lelz</b>	<b>Carte membre 2011</b>	<b>€ 250,00</b>
<b>Aide aux enfants handicapés du G-D</b>	<b>Don</b>	<b>€ 50,00</b>

## 14. Transactions immobilières: décision

Dann d'Transactions immobilières, Punkt 14, de Bauteschäffen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Mir hunn als éischt d'Integratioun vun engem Terrain an der rue du Cinquantenaire an den Domaine privé communal fir duerno kenne mat den Epoux Torcasso-Galasso een Echange ze maache fir Terrainen déi evaluéiert gi sinn op 350 Euro den Centiar, wou mer dann eng Valeur vun 2.450 kréien, wou da reschtendlech fir eis nach 2.100 Euro rescht bleiwen.

Dann hu mer eng Konventioun téschent der Stad Esch an der Madame Cristina Guedes wou mer hanneen an der Cité CECA, wou een Eck vun eisem Terrain fräi läit a wou eng Damm dee wëllt bei eis lounen, wat fir eis de Virdeel huet, et ass nämlech haut en Eck deen net soignéiert gëtt, an déi Damm géing sech och engagéieren deen dann ze soignéieren an duerfir géinge mer eng Redevance annuelle vu 40 Euro froen.

Dann hu mer en Acte de vente téschent der Stad Esch an den Epoux Weyrich-Lorang vun eisem Haus, 14 rue Ada Lovelace. An dann hu mer fir eng Zomm vu 706.000 Euro, dat ass eng vun eise Maison Témoin déi mer an den Nonnewise stoen hunn an déi mer op Grond vun där Prozedur vun Offre de prix sous pli fermé jo elo attribuéieren.

Dann hu mer den Acte de vente téschent der Stad Esch an dem Här Léon Reckinger vun där anerer Maison Témoin fir e Préis vu 572.000 Euro. An dann hu mer och e Contrat de bail mat den Epoux Weyrich-Lorang déi d'Haus kaft hunn an der 14 rue Ada Lovelace an déi et ganz schnell wëlle benotzen, déi hiert Haus scho verkaaft hunn, a well mer eigentlech den Acte eréischt kenne fäerdeg maache wann all Approbationen duerch sinn, an d'Leit awer direkt wëllen dra plënneren, proposéiere mer hinnen da fir e symbolesche Montant vu 50 Euro de Mount, dat Haus dann elo ze verloune bis dann all Prozedure fäerdeg sinn, dass se an hirem eegenen Haus wat se och scho wollte bezuelen direkt, däerfen awer da wunnen. Also et ass am Fong fir dat ze formaliséieren, well eigentlech jo den Akt réischt rechtskräfteg ass wann en approuvéiert ass. Dat ass alles.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** An et si keng Froen do, da kenne mer direkt d'Ofstëmmung maachen.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Dat sinn der zwee. Deen éischten ass eng nei Locatrice an deen zweeten ass e Relogement. An der nächster Sitzung do kommen der e ganze Koup. Ech bieder lech deem zouzestëmmen.

*Conseillers présents:*

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker  
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –  
Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen –  
M. Henri Hinterscheid –  
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff  
– M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
M. Roger Roller – M. John Snel –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. André Zwally

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les transactions immobilières.*

## 15. Commissions consultatives; décision

Bei Punkt 15 geet et èm d'Commissions consultatives. Do sinn eis vun der Sektion vun der LSAP, oder ass eis vun der Sektion LSAP eng Ännérungspropose erakomm an ech géing lech proposéieren déser Propose Är Zoustëmmung ze ginn.

*Conseillers présents:*

M. Marc Baum – M. Félix Braz –  
M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. André Zwally

*Le Conseil Communal procéde par vote secret et approuve par 13 voix oui et 2 bulletins blancs les changements aux commissions consultatives.*

## 16. Contrats de bails; décision

En attendant géing ech d'Madame Spautz bieder d'Contrats de bail ze presentéieren.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vum Punkt 16, Contrats de bail.

*Conseillers présents:*

